PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

n° 2353

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 09:24, 09/06/2020

Lëtzebuerg, den 09/06/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Op meng Fro n°2154 iwwert d'Kommunikatiounstechnologien an den Altersheemer huet d'Familljeministesch mir Folgendes geäntwert:

> "Déi meescht Strukture bidden de Bewunner d'Méiglechkeet un, ee Computer mat WLAN-Verbindung ze benotzen. Oft ass dëse Computer no beim Accueil, wou och eng Hëllefsstellung ass, installéiert. E puer Strukturen hunn eng WLAN-Verbindung am ganze Gebai."

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fleegestrukturen bidde keen Internet un?
2. Wéi vill Fleegestrukture bidden e feste PC un?
3. Wei vill Fleegestrukture bidden eng WLAN-Verbindung un?
4. Am Fall, wou eng WLAN-Verbindung existéiert, wéi eng Käschten entsti fir d'Bewunner vun enger Fleegestruktur an der Moyenne? Wat ass déi bëllegsten Offer a wat déi deiersten Offer fir eng WLAN-Verbindung an enger Fleegestruktur?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Luxembourg, le 06 juillet 2020

REÇU
Par Alff Christian , 15:05, 06/07/2020

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Dossier suivi par :
Dominique Faber
Tél. : 247 86540

Réf. : 2020/3520

Concerne : question parlementaire n°2353 de Monsieur le Député Sven Clement.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région à la question parlementaire n°2353 de Monsieur le Député Sven Clement, en vous priant de bien vouloir assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration,

Corinne CAHEN

12-14, avenue Emile Reuter
L-2420 Luxembourg
Tél. (+352) 247-86500
Fax (+352) 247-86570
Adresse postale
L-2919 Luxembourg

132-000003-20040525-FR

Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d'parlamentaresch Fro n°2353 vum Deputéierte Sven Clement iwwer den Ëmgang mat den neie Kommunikatiounstechnologien an den Altersheemer

1) + 3)

Vun 52 Fleege- an Altersheemer bidden:

- 22 Strukturen eng WLAN-Verbindung,
- 6 Strukturen eng fixe Internet-Verbindung,
- 20 Strukturen eng WLAN-Verbindung an eng fixe Internet-Verbindung un.

4 Strukture bidden nach keen Internet un.

2)

Vun 52 Fleege- an Altersheemer stelle 26 Strukturen hire Bewunner e feste PC oder Laptop zur Verfügung.

4)

D'Käschte fir den Internet-Accès variéieren a stinn a Relatioun mat den Tariffer déi extern Fournisseuren um Lëtzebuerger Marché ubidden. An 36 Fleege-an Altersheemer sinn d'Käschte fir eng Internet-Verbindung net am Prix d'hébergement abegraff.

Et kann een d'Käschten net generaliséieren. Verschidde Strukture bidden eng Internet-Verbindung am ganze Komplex un, anerer bidden d'Offer just an den Aktivitéitsraim oder de Cafeteriaen un, an anerer just an de private Logementer vun de Bewunner.